## Sozialwahlen: Lancement vun der Wahlkampagne vum OGBL

**Déifferdeng, 9. Oktober, 18h30, Hall La Chiers**

# Usprooch vum Nationalpräsident Jean-Claude Reding

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech si frou iech zu esou vill hei begréissen ze kënnen. Dat ass e gutt Zeeche fir d'Sozialwalen.
Den 13. November sinn d'Wale fir d'Personaldelegéierten an alle Betriber aus dem privaten an ëffentleche Sektor vun eiser Economie, déi méi wéi 15 Salariéë beschäftegen. Den OGBL ass mat senge 15 Beruffssyndikater an alle Sektore vun eiser Economie vertratt, am Handel, am privaten Déngschtleeschtungssektor, am Bau, am Bauhandwierk, am Finanzsektor, de Banken an den Assurancen, an der Industrie, am Garagesektor, am Wuerentransport op der Strooss, am Persounentransport op der Strooss, an der Aviatioun, an der Banneschëfffahrt, am Recyclingsberäich, am Ernergieberäich, am Post- a Kommunikatiounsberäich, am Gardiennage, an der Hotellerie, an der Restauratioun, am Pflegeberäich, an der Altersversuergung, am Gesondheetswiesen, am Sozial- an Erzéiungsberäich, am Medien- a Kulturberäich, am Héichschoulwiesen, an der ëffentlecher Fuerschung, an den net konfessionelle Privatschoulen, bei Staat a Gemengen, an den ëffentlechen Entreprisen.
Dausende vu Kandidatinnen a Kandidaten wäerten sech ënnert dem Logo vum OGBL der Wal an den Entreprise stellen. Op haut si schons **3745** (Stand 9.10. 12.00 Auer) Kandidature bei eis enregistréiert.
Leider kënnen des Kandidaten nach net vun enger verbesserter Gesetzgebung profitéieren. Et leit zwar e Gesetzesprojet fir, mä op Grond vun der politischer Kris déi mer kennen, konnt en net méi gestëmmt ginn. De Projet hätt sécherlech kënnte méi wäit goen an der Definitioun vun de Matsproocherechter vun de Personaldelegéierten, en huet och e puer juristesch Schwächten op déi de Staatsrot zu Recht higewisen huet, mä en hätt reell Fortschrëtter fir d'Delegéierte bruecht. Mir erwaarde vun der nächster Regierung an der nächster Chamber, datt op dësem Projet séier weider geschafft gëtt. Dat Gesetz brengt nei Befugnisser, nei Formatiounsméiglechkeeten, eng nei Regelung vum Crédit d'heures, d'Méiglechkeet op Conseillerën an Expertën zréckzegreifen, d'Ausdehnunge vun de Matbestëmmungsrechter op all Entreprisen net nëmmen op déi industriell a kommerziell. Mir erwaarden, datt dat neit Gesetz schons während der Mandatsdauer vun deenen

neien Delegéierten a senge wesentlechen Deeler, déi ech opgezielt hunn a Kraaft trëtt an net eréischt 2018.
An deene leschte Joren ass villes fir eis Entreprise gemaach ginn, si hu vill Ënnerstëtzung kritt. Dëse Gesetzesprojet ass bëllech, e kascht Staat a Betriber net vill, en erlaabt awer de Sozialdialog an der Aarbechtswelt ze verbesseren. An de Walprogrammer gëtt bal iwwerall d'Bedeitung vum Sozialdialog ënnerstrach, mä wann dat eescht gemengt ass, da muss de Gesetzesprojet méiglechst schnell behandelt a votéiert ginn. An nach eppes, et sinn haut 40 Joer hier, datt den LAV déi wichtegst Virleeferorganisatioun vum OGBL e grousse gewerkschaftlechen Aktiounsdag organiséiert huet. Eng vun deene wichtige Fuerderunge wor d'Moderniséierung vun der Delegatiounsgesetzgebung an d'Aféierung vu Matbestëmmungsrechter. Dat gouf dunn no de Wale vun 1974, wéi d'CSV an d'Oppositioun gaangen ass, och realiséiert,  so wéi nach etlech aner fortschrëttlech Gesetzer.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ab dem 18. Oktober ginn d'Walziedele fir d'Walen vun de Membere vun der Plénière vun der CSL verschéckt.
Et ass déi zweet Wal fir d'CSL, déi jo duerch de Statut unique aus der Fusioun vun der AK an der CEPL entstanen ass.
De Statut unique huet déi lescht Ënnerscheeder zwëschen dem Employés- an dem Aarbechterstatut duerch eng Harmoniséierung no uewen vum Aarbechtsrecht ofgeschaf. Duerch de Statut unique ass d'Cotisatioun vun den Aarbechter bei der CNS un déi vun den Employéen ugepasst ginn. Dat huet d'Nettosalaire vu ville Salariée verbessert. Déi lescht Etapp ass dëse Januar geschitt. Op eisen Drock hin, e Joer méi fréi ewéi geplangt. Sécher mir hunn eis an eenzelnen Entreprise géint falsch Interpretatioune misste wieren, besonnesch wat d'Bezuele vun de Schicht- an Nuetsprimen am Krankheetsfall betrëfft. Mir hu virun de Geriichter gewonnen, an d'Cour de Cassation, dat iewescht Geriicht huet eis de 4. Juli Recht ginn.
De Statut unique huet och eis Sécurité sociale duerch d'Fusioun vun de Krankekeesen an de Pensiounskeese gestäerkt.
Mat dem Statut unique hu mer e Steck méi sozial Gerechtegkeet geschafen. Et war iwwregens och eng spéit Realisatioun vu Fuerderunge vun der Manifestatioun vum 9. Oktober 1973 an ee vun den Ziler, déi mer eis bei der Grënnung vum OGBL 1979 gesat haten.
430000 Leit kréien ab dem 20. Oktober e Walziedel geschéckt, fir un de Wale fir d'CSL deelzehuelen. Jiddfereen, deen hei schafft an e privat rechtlechen Aarbechtsvertrag huet, ass Wieler, egal op en am Privatsektor oder am ëffentleche Sektor schafft, egal op en hei wunnt oder am

Ausland. Och jiddfereen, deen eng Rent, eng Pensioun vun der lëtzebuerger Pensiounsversécherung kritt, well en hei geschafft huet, ass Wieler. Et ass déi gréissten demokratesch Wal zu Lëtzbuerg, mä d'Partizipatioun kënnt sécherlech méi héich sinn. Duerfir huet d'CSL eng grouss Informatiounskampagne am Fréijoer an am September gemaach. Duerfir froe mer iech an deenen nächste Wochen är Kollegen a Bekannten op des Walen unzespriechen, si z'iwwerzeegen hire Walziedel auszefëllen a mat Zäit eranzeschécken. Iwwerzeegt se den OGBL ze wielen, d'Lëscht Nummer 1, an nëmmen den OGBL. All Stëmm, déi een op eng anner Lëscht gëtt, schwächt den OGBL. Patronat a Politik wäerte ganz genee kucke, wéi gewielt gëtt a si wëssen, datt déi eenzeg staark an onofhängeg Gewerkschaft, déi mat Kompetenz a Konsequenz d'Interessi vun de schaffende Leit hei zu Lëtzebuerg verdeedegt den OGBL ass a si freeë sech iwwert all Stëmm déi den OGBL net kritt.

Kolleginen a Kollegen,

D'CSL ass eng wichteg, unerkannten Institutioun zu Lëtzebuerg.
D'CSL muss zu all Gesetz, dat d'Salariéë betrëfft ëm hiren Avis gefrot ginn.
D'CSL ass mat agebonnen an d'Beruffsausbildung, beim Diplom d'aptitude professionnelle a beim Technikerdiplom.
D'CSL informéiert, betreit a verdeedegt d'Apprentiën.

An der leschter Period ass d'Plénière 39 mol zesumme komm.
Dës Sëtzunge sinn duerch 44 Comitéssëtzungen an duerch 90 Kommissiounssëtzunge virbereed ginn.

Ënnert eisem Impuls huet d'CSL wichteg Contributiounen an Analysen erschaaft a presentéiert. Si huet stechhalteg, seriéis, wëssenschaftlech ënnermauert Analyse gemaach. Si huet Konferenze mat unerkannten Economisten, déi net op der neoliberaler Schinn fueren, organiséiert an domat och e Contrepoids an der Ëffentlechkeet geschafen. D'Aarbecht vum Service d'études vun der CSL huet eis och an de groussen Ausernanersetzungen iwwert d'Wirtschafts- a Sozialpolitik vill gehollef.
Mir wëllen déi Aarbecht weiderféieren an op nei wichteg Gebidder wéi d'Steierpolitik ausdehnen.
D'Steierpolitik wäert e wichtege politesche Sujet ginn. Wann ee sech d'Aussoë vum ehemolege Finanzminister a vum ehemolige Staatsminister unhéiert, da weess een, datt si den einfache Wee vun enger TVA-Erhéijung goë wëlle, begleet vun der Kiirzung vun den Dépensen an dat heescht vu weideren Aschnëtt an de Sozialleeschtungen.

E sou eng Politik trëfft déi kleng Leit, et stéiert Leit mat héijen Akommes wéineg an et beréiert die Reich net. Iwwert d'Ongerechtegkeeten an eisem Steiersystem schwetze si net. Et si jo och si, déi d'Adaptatioun vun de Steierbarèmen un d'Inflatioun ofgeschaaft hunn an domat d'Steierlaascht besonnesch fir déi kleng a mëttel Akommessen erop gesat hunn. Si hunn Frais de déplacement fir d'Salariée gekierzt. Et ginn Alternativen zu esou enger Politik. D'CSL kann eis och an deem Dossier hëllefen. An och dofir brauche mer e staarken OGBL, eng dynamesch Gewerkschaft, déi konsequent d'Interessi vun de schaffende Leit vertrëtt.

Kolleginnen a Kollegen,

D'CSL huet an deene leschte fënnef Joer hir Weiderbildungsaarbecht am Beräich vun der Beruffsausbildung verstäerkt. An den Owescoursen hate mer an deene leschte fënnef Joer 25800 Aschreiwungen. Mir hunn d'Offer un Diplomer, Zertifikatiounen, déi ee bei der CSL maache kann, ausgedehnt. D'CSL huet och déi offiziell Basisformatioun fir iwwer 600 Sécherheetsdelegéierten organiséiert. Mir hunn en neie Service geschaaft fir d'Formatioun vun de Personaldelegéierten, de Gewerkschaftsmilitanten an -aktivisten ze verbesseren. Mir haten an deene leschten dräi Joer 3858 Inscriptiounen, dat sinn 3000 Stonne Kurs verdeelt op bal 400 Kursen.
An zu gudder Lescht hu mer eng grouss Zuel vu praktesche Broschüren a sonstege Publikatiounen erausginn.
Mir konnten des Aarbecht maache, well mer 36 vu 60 Sëtzer an der CSL bei de Walen 2008 kruten. Mir wëllen des Aarbecht weider féieren a verstäerken, nei Initiativen huelen, fir iwwert d'CSL, d'Gewerkschaftsaarbecht op alle Niveauën ze stäerken.
Duerch eis Gestioun ass d'Fusioun vun der AK an der CEPL e Succès ginn a mir hunn eng gesond finanziell Basis geschafe, fir d'Aarbecht weider ze féieren déi mer ugefaangen hunn.
Mir däerfen och net vergiessen, datt d'Plénière vun der CSL d'Vertrieder vun de Versécherten an d'Comitéë vun der Gesondheetskeess an der Pensiounskeess wielt. Op Grond vu senger Majoritéit an der CSL huet den OGBL och d'Majoritéit op der Assuréssäit an de Gremie vun der Sozialversécherung. An dat ass besonnesch an den häitegen Zäiten, wou d'Sécurité sociale vun de Patronatsorganisatiounen, hire Lobbyen, mä awer och vu muench Partei a Politiker attackéiert gëtt, wichteg. Mir brauchen eng staark an onofhängeg Gewerkschaft an de Gremie vun der Sécurité sociale, fir Sozialofbau ze verhënneren. Mir brauchen e staarken OGBL am Comité vun der CNS, an der Pensiounskeess. Mir hunn eise solidareschen ëffentleche System offensiv verdeedegt.
Mir wëllen, datt eis Krankeversécherung gutt Leeschtunge brengt, mir wëlle keng 2-Klassemedizin, et gi souwisou nach vill ze vill Ongläichheete beim Accès zu enger gudder Gesondheetsversuergung.

D’Leeschtunge vun der Krankeversécherung mussen erweidert, moderniséiert ginn, den Tiers payant muss generaliséiert ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Wann d’Paie stagnéieren, de Chômage klëmmt, da wuessen d’Einnahme vun der Krankekeess net méi sou séier. D’Mënsche ginn awer net méi gesond an der Kris, éischter de Contraire. A wann dat net ännert, kann et sinn, datt et zu finanziellen Engpäss kënnt. Op deem Hannergronn warnen ech virun deene Parteien, ewéi der CSV, déi dem Patronat verspriechen, d’Cotisatiounen net z’erhéijen. Konkret bedeit dat, datt se fir Leeschtungskierzungen oder méi héich Eegepartizipatioun sinn. Et ginn Alternativen dozou, z. Bsp. d’Ofschafe vum Plafond cotisable.
Wann ee vun enger gudder Gesondheetsversuergung schwetzt, da bedeit dat fir den OGBL och e moderne Spidolssektor, dee qualitativ top ass. Dat bedeit awer, datt weider an de Sektor investéiert gëtt, net nëmmen an d’Infrastrukture, mä och an d’Personal. Seit Jore gëtt versicht ganz Beräicher am Spidolssektor auszeglidderen. Et gëtt vu Synergien, vu méi grousser Effizienz geschwat, meeschtens geet et just drëms duerch Loundumping d’Käschten ze drécken. An da si jo och nach d’Tendenzen do, d’Gesondheetswiesen, de Pflegeberäich, de Sozial- an Erzéiungssektor ze kommerzialiséieren, aus ëffentlechen Déngschtleeschtunge privat Déngschtleeschtungen ze maachen. D’Personalvertrieder vum OGBL am Spidolssektor, am Pflegeberäich, am Sozial- an Erzéiungsberäich leeschten do seit Jore Widerstand, si maachen eng gutt Aarbecht. Den OGBL ass géint d’Kommerzialiséierung vum Gesondheets- a Sozialwiesen, duerfir ënnerstëtze mer d’OGBL Personalvertrieder an deene Beräicher an duerfir wäerte mir eis och an de Gremien vun der Sécurité sociale géint esou Tendenzen an eng regressiv Budgetspolitik wieren. Mir brauchen e solidaresche System, gläichen Zougang zu gudde Leeschtunge bei Krankheet, Behënnerung an dat an all Liewensalter.
Et ginn Alternativen zu Leeschtungsverschlechterungen a Sozialofbau wa Souë gebraucht ginn, ech hu schons drop higewisen. D’Ofschafe vum Plafond cotisable géif vill Geld erabrengen. Dat wär en plus méi sozial gerecht. Mir verstinn net firwat een deen 200.000.- € d’Joer verdéngt, wéinst dem Plafond cotisable, prozentual gesinn, manner kotiséiert fir déi selwecht Leeschtunge wéi deen dee 44.000.- € d’Joer verdéngt.

Kolleginnen a Kollegen,

Erlaabt mer an dësem Zesummenhang och e Wuert zum Pensiounsdossier. Mir bleiwe bei eiser Meenung, datt déi Reform e Réckschrëtt ass, datt se d’Perspektive fir déi Jonk verschlechtert, datt

se d’Situatioun vun de Fraen net richteg berücksichtegt, datt se Automatisme schaaft fir Leeschtungsverschlechterunge fir d’Rentner ze erlaaben.

Mir mengen, datt déi Reform reforméiert muss ginn, si muss am Interessi vun deene Jonken, déi méi laang an der Ausbildung sinn, verbessert ginn, d’Conciliatioun “Vie familiale, Vie professionnelle”, d’Pénibilitéit vun der Aarbecht musse bei der Renteberechnung berücksichtegt ginn, Deelzäitaarbecht an Deelrent musse méiglech gemaach ginn. Mir brauchen alternativ Finanzéierungsmodeller fir ze verhënneren, datt d’Allocation de fin d’année an den Ajustement ofgeschaaft ginn. Mir hunn de Renteklau duerch d’Netausbezuele vum Rentenajustement net vergiess a mir verlaangen, datt hei eng Kompensatioun kënnt.

Mir wëssen, datt aus ideologesche Motiver eraus a fir datt privat Assureurë besser Geschäfter maache kënnen, d’Bréisseler Kommissioun Drock mecht, fir de lëtzebuerger Rentesystem, dee gutt, ganz gutt do steet, ze verschlechteren. Mir wëssen och, datt et hei zu Lëtzebuerg Parteien a Politiker ginn, déi an déi Richtung wëlle goen. Bei der Vizepräsidentin vun der EU-Kommissioun an dem Michel Wolter, allen zwee CSV, wonnert dat een och net.

Mir erwaarden awer vu fortschrëttleche Parteie, vu salariatsfrëndleche Parteien, datt se déi Politik net matmaache, mä se um nationalen an europäesche Plang bekämpfen an op eis Kritiken a Virschléi aginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Bei de Sozialwale geet et schlussendlech awer och em gewerkschaftlech Repräsentativitéit. Et geet drëm ze weise, wat fir eng Gewerkschaft d’Vertraue vun der Mass vun de Salariéën huet.

An dat bedeit fir d’éischt, datt et muss kloer sinn, datt Minigewerkschafte wéi den NGL, déi kaum nach an de Betriber präsent sinn, keng Roll an der CSL spillen däerfen.

Mä den Haaptmatch leeft tëschent OGBL an LCGB.

Den LCGB huet seng Nidderlag vun 2008 ni verkraaft. Fir d’éischt hu se gemengt, si missten trotzdem d’éischt Gei an der CSL spillen an se hu Konditioune wollte stelle fir an de Comité ze kommen, dunn hu se Oppositioun ugekënnegt, mä ausser bei der Diskussioun iwwert Delegatiounsreform, wou se gär ondemokratesch Extrawurschte gehat hätten, ass net vill komm.

Laang Zäit huet den LCGB d’gewerkschaftlech Aktiounseenheet, déi ënnert eisem Impuls geschafe gouf, matgemaach, oft mat net vill Begeeschterung, wann et drëm gaangen ass ze mobiliséieren.

Dat huet opgehale bei der Schlussphase vun der Mobiliséierung géint d’Rentereform, wou se hir eege Sallmanifestatioun opgezunn hunn, wéi mir zesummen mat deenen anere Gewerkschaften op d’Strooss goungen. Mir sinn haut mat engem onméiglecher Verhalen vum LCGB a ville Betriber a Beräicher konfrontéiert. Den LCGB probéiert permanent “bande à part” ze maache, fir sech selwer

medieméisseg besser en Scène kënnen ze setze, besonnesch flagrant ass dat am Aviatiounsberäich an am Handel, mä dat gëllt an der Zwëschenzäit fir ëmmer méi Beräicher; d'Majoritéitsregel gëtt ëmmer manner berücksichtegt.
Schlëmmer ass awer wa probéiert gëtt, déi eng Salariéë géint déi aner auszespillen, wéi dat am ëffentleche Beräich geschitt ass. Ech hoffen, datt d'Staats- a Gemengenaarbechter an all déi aner Beschäftegt am ëffentleche Beräich, am Gesondheets- a Sozialwiesen, dem LCGB duefir d'Quittung ginn.
D'Faass ass awer iwwergelaf, wéi den LCGB eis am Bausektor regelrecht an de Réck gefall ass. Och do hoffen ech, datt se d'Quittung fir hir onverantwortlech a falsch Politik kréien.
Esou laang dës Haltung sech net ännert, ass eng positiv Zesummenaarbecht net méiglech.
A grad dowéinst musse mer e Maximum maache, fir d'absolut Majoritéit ze halen an am beschten nach auszebauen.

Kolleginnen a Kollegen,

Den OGBL war an ass seit 2009 déi dreiwend Kraaft beim Widerstand géint déi lëtzebuergesch Variant vun der europäescher Austeritéitspolitik.
Den OGBL war den Initiator vun der grousser Manif vum 16. Mee 2009.
Den OGBL huet 2010 refuséiert déi restriktiv Budgetspolitik vum chrëschtlech soziale Budgetsminister a vum Premierminister ze kautionéiere, well mer der Meenung waren, datt se d'Kris nëmme géif verschlëmmeren a just en Optakt wier, fir antisozial Spuermoossnamen virzebereeden.
Mir hu vun Ufank un drop higewisen, datt déi Politik géif zu Sozialofbau féieren an op Käschte vun der Kafkraaft vun der Mass vun de Leit féieren.
De Patronsorganisatiounen huet des Politik mat senge Katastrophenszenarien gutt an de Krom gepasst. Si hunn d'Zukunft nach e besse méi schwaarz gemolt, si hunn hir Beruffschamberen agesat, Veräiner wéi „Luxembourg 2030" a „5 vir 12" gegrënnt a kräfteg Stëmmung gemaach. Et ass gesot ginn et misst en Ëmdenke kommen, et misste Reformen kommen, mir missten eis un d'Globaliséierung upasse, mir missten méi flexibel a kompetitiv ginn. Wann een hanner d'Sloganën, hannert déi Deklaratioune kucke geet, déi konkret Moosnamen déi virgeschloe ginn, ënnersicht, geseit e séier em wat et geet. Et geet em eng Ëmverdeelungspolitik zu Gonschte vum Kapital, eng Ëmverdeelung vum geschafene Reichtum zu ungonschten vum Salariat, eng Ëmverdeelung vun ënnen no uewen.
Duerfir soll d'Lounentwecklung gebremst ginn, am leifste géifen se d'Léin erofsetzen, duerfir soll den Index ofgeschaaft an de Mindestloun net méi ajustéiert ginn; déi sougenannte Loun- niewekäschten d.h. Cotisatioune vun de Betriber därfen net eropgoen – am Kloertext heescht dat, datt wann de

Budget vun der Krankekeess net am Equiliber ass, well mer Chômage hunn, d'Leeschtunge fir déi Krank gekierzt solle ginn. Wann ee sech eng deier Zousazversecherung leeschte kann, ass dat natierlech kee Problem.
D'Patronatslobbye verlaangen och eng restriktiv Budegts a Finanzpolitik vum Staat an de Gemengen a bereeden domat den Terrain fir weider Privatiséierungen vir. Si verlaangen weider Subventiounen a Steiercadeauen.
Am Endeffekt leeft des Politik drop eraus, d'Salariat méi ze belaaschten. Mir sollen de Rimm méi enk zéie, fir datt d'Aktionären an d'Chefetage sech nach besser zervéiere kënnen.
Bei esou enger Approche ass e konstruktiven Sozialdialog schwiereg. An do hëlleft och kee Lamentéieren, do hëlleft nëmmen e gutt Kräfteverhältnis. Nëmme wann d'Patronatsseit weess, datt se mat engem gutt organiséierte Salariat, mat enger staarker, onofhängeger Gewerkschaft ze dinn huet, ass se bereed ze verhandelen. Dat gesi mer ëmmer erëm, dat gesi mer an alle Wirtschaftsberäicher.
An deene leschte fënnef Joeren huet sech den OGBL dauernd offensiv fir d'Rechter vun de Salariéën agesat, fir d'Erhale vun der Kafkraaft vun der Mass vun de Leit.
Mir hunn den Index verdeedegt, mir hunn eis géint déi dauernd Ugrëff gewiert, mä dee Match ass nach net gewonnen. Net all Parteien stinn hannert dem Index. Den CSV-Wahlprogramm ass kloer. D'CSV wëll den Index dauerhaft manipuléieren. Wann de Walprogramm ëmgesat gëtt, da gëtt den Index esou manipuléiert, datt en de facto net méi existéiert, am beschte Fall nach eng Deierungszoulag ass. Duerfir ruffe mer och all Salarié deen d'Walrecht huet op net d'CSV ze wielen. A wann den LCGB seng eegen Aussoen zum Index eescht hellt, missten och senge Membere roden net d'CSV ze stëmmen.

Kolleginnen a Kollegen,

Wann déi Partei net geschwächt aus de Walen erausgeet an erëm de Regierungschef stellt, da wësse mer, datt mer eis wiere mussen. Mir si prett dozou a wann den OGBL gestäerkt aus de Sozialwalen eraus geet, dann ass dat och eng Warnung un d'Politik.
Den OGBL wäert konsequent d'Kafkraaft vun de schaffende Leit a vun de Rentner verdeedegen. Mir verdeedegen den Index, de Mindestloun, den Ajustement vum Mindestloun a vun de Renten. Ouni eisen Asaz, ouni eise Widerstand géif et keen Index a keen Ajustement méi ginn.
Mir setzen eis awer och offensiv fir eng kontinuéierlech Kollektivvertragspolitik an. A wa Benefisser gemaach ginn, mussen se och gerecht verdeelt ginn.
An d'Aarbecht muss och fair a gerecht bezuelt ginn.

Dorems geet et eis zum Beispill am Botzsektor. Et ass inakzeptabel, datt elo mat alle Moyenen probéiert gëtt d'Unerkennung vun der beruflecher Qualifikatioun, déi mer viru Geriicht erreecht hunn, net an d'Praxis ëmzesetzen, datt elo probéiert gëtt dem Personal Angscht ze maachen.
Dat ganzt ass e Skandal. Et weist wéi déif d'Fraëfeindlechkeet nach ëmmer an der wirtschaftlecher a politischer Elite verankert ass.
Fir wat soll d'Botzpersonal net d'Recht op de qualifizéierte Mindestloun kréien no 10 Joer Beruffspaxis, wéi dat an eise Gesetzer steet, a wéi dat och d'Geriichter bestätegt hunn. Ass dat vläicht well et sech haaptsächlech em auslännesch Fraen handelt. Iwwert Fraequoten an de Verwaltungsréit gëtt hefteg debattéiert, mä d'Aarbecht vun de Fraen am Botzsektor gëtt net respektéiert. Schummt iech !

Kolleginnen a Kollegen,

A wann ëmmer erëm probéiert gëtt déi positiv Entwecklungen déi den OGBL duerch e laange gewerkschaftlechen Asaz am Gesondheets- a Sozialsektor duerchgesat huet, z'ënnergruewen, d'Rad zreckzedréien, dann hu mer mat engem ähnleche Phänomen ze dinn.

Kolleginnen a Kollegen,

En anere Beräich wou munches am uerge leit, an domat eigentlech och d'Aarbecht déi do geleescht gëtt, net unerkannt gëtt, ass de Stroossentransport. Ëmmer erëm musse mer skandaléis Zoustänn opdecken, ëmmer erëm musse mer eis géint Loun- a Sozialdumping, géint gemeng geféierlech Aarbechtsbedingunge wieren. Wou bleift d'Hëllef vun der Politik? Wou bleiwen positiv europäesch Reformen?
Eigentlech wär jo eng Aarbechtszäitreduzéierung am Transportsektor schons eleng aus Secherheetsgrënn net vu Mutwell. Mä et gëtt au contraire ëmmer erëm probéiert am Transportsektor, an net nëmmen op der Strooss mä och an der Aviatioun, probéiert d'Aarbechtszäiten auszedehnen. Mat dem Argument vun der Kompétitivitéit gëtt probéiert d'Aarbechtszäiten ze flexibiliséiere, keng Iwwerstonnenzouschléi méi ze bezuelen, d'Aarbechtszäiten auszedehnen an de facto ze verlängeren. Op d'Gesondheet an d'Secherheet gëtt keng Rücksicht geholl.
D'Flexibiliséierung war jo och en zentralt Thema beim Konflikt um Bau. D'Kollege vum Bau hate schons verstane wat d'Ziler vum Patronat waren. Si hu sech och net duerch bestallten Emfroën, duerch polemesch Aussoën a Kommentaire beandrocke gelooss. Zesumme mat hiren Delegierten, mat hirer Gewerkschaft, dem OGBL, hu se sech gewiert, mat Erfolleg. Mir si stolz op eis Kollege

vum Bau, ouni hieren Asaz, ouni hiren erfollegreiche Kampf wär eng Well vun negativer Aarbechtszäitflexibiliséierung iwwert d'Land gerullt. Merci !

Kolleginen a Kollegen,

Och an der Sidérurgie probéiert d'Patronat elo d'Rad zeréck ze dréinen.
Déi zousätzlech SR, d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit ass deier erkaaft ginn, als Mëttel fir Aarbechtsplazen z'erhalen. D'Kollege vun der Sidérurgie hu Recht, wa se hir sozial Acquisën verdeedegen.
Mä do ewéi an aneren Industrieberäicher gëtt mat der Delokaliséierung vun den Aarbechtsplaze gedrot, wann d'Léin net erof gesat ginn.
D'Industrie an Europa an zu Lëtzebuerg huet awer keng Zukunft, wann s'op Sozialofbau setzt. Et gëtt ëmmer e Land, wou d'Léin dann nach méi niddreg sinn. Dat ass eng Spiral déi jiddereen no ënnen zitt.
Nee dat ass net de richtege Wee, mir bräuchen eng europäesch Industriepolitik déi op Innovatioun, op méi durabel Produkter setzt, déi op Qualitéit setzt an déi d'europäesch Industrie géint Sozial- an Emweltdumping schützt, och duerch protektionistesch Moossnamen.
Ähnleches gëllt fir de Finanzsektor. Am Finanzsektor muss op Qualitéit a Secherheet gesat ginn, net op Spekulatiounsgewënner. Am Finanzsektor schaffe vill qualifizéiert Leit, déi gär eng uerdentlech a gesellschaftlech sënnvoll Aarbecht maachen.
Mir bräuchen och do eng kohärent Politik an dat bedeit ënner anerem, datt d'ëffentlech Hand hiren Afloss an deene sougenannte systematesche Banken hëllt, soss hätt et kee Sënn, datt mer Milliarden an d'BGL investéiert hunn.
Dat gëllt och an der Aviatioun, Cargolux a Luxair sinn a musse lëtzebuergesch Entreprise bleiwen, si si wesentlech fir d'Economie vum Land. An dat wat elo erëm bei der Cargolux ofleeft, weist datt Verschiddener anscheinend nach näischt aus der Episod mam Quatar geléiert hunn. D'OGBL Vertrieder bei der Cargolux wiere sech géint den Ausverkaf vun hirem Betrib, si hu Recht, mir ënnerstëtzen se dobei. Si maachen eng wichteg Aarbecht net nëmmen am Interessi vum Personal vun der Cargolux, mä am Interessi vun engem wichtegen Deel vun der lëtzeburger Economie. Eng Fro en passant. Firwat héiert een an deem Dossier näischt vun Initiative wéi „5 fir12" oder „Lëtzebuerg 2030"? Dat ass natierlech e besse méi komplizéiert an delikat wéi Platituden ze verbreeden iwwert sougenannte Strukturreformen, déi am Endeffekt op Sozialofbau an Ëmverdeelung vun Ënnen no Uewen erauslafen.

Kolleginnen a Kollegen,

Seit fënnef Joer kämpfe mer a ville Beräicher vir d'Erhale vun den Aarbechtsplazen.
Mä d'Instrumenter déi mer duerfir hu, si stompech. D'Gesetzgebung iwwert de Maintien de l'emploi greift net. Mir bräuchen hei eng grondlegend Reform. D'Betriber musse gezwonge ginn iwwert hir wirtschaftlech Strategien an iwwert hir Auswierkungen op d'Personal mat den Delegatiounen an hire Gewerkschaften ze schwetzen. Ouni Matbestëmmung gëtt et kee Maintien dans l'emploi. Mir bräuchen och e sektoriellen Dialog fir wirtschaftlechbedéngte Changementer sozialverträglech organiséieren ze kënnen. Hei ass eng nächst Regierung gefuerdert. Den OGBL an d'CSL hunn hei schons Viraarbecht geleescht.
An da muss d'Faillitegesetzgebung reforméiert ginn, awer net nëmme fir Failliten ze prévenéiere, wéi dat am Gesetzesprojet iwwert d'Faillite probéiert gëtt. Dat ass gutt, mä et geet net duer. D'Rechter vun de Salariéë musse besser ofgesechert ginn.
E weidere wichtege Punkt ass d'Situatioun vun den eelere Mataarbechter am Betrib. Déi muss onbedingt verbessert ginn, si musse besser geschützt ginn, well mat 50 fënnt een ëmmer méi schwéier nach eng Aarbecht. An op dem aneren Enn muss dofir gesuergt ginn, datt eis Jugend eng Zukunft kritt. Déi jonk Leit déi hir Schoulen hei am Land gemaach hu, si vill besser ausgebilt wéi dat oft gesot gëtt. Mir hu méi jonk Leit wéi je, déi hir Schoulausbildung mat engem Diplom ofgeschloss hunn, mat engem DAP, engem Technikerdiplom, mat enger Première, mat engem BTS, engem Bachelor oder engem Master an da mussen se oft schlecht bezuelten, prekär, onsecher Aarbechtsplazen unhuelen. Et dauert oft laang bis se endlech e feste Kontrakt hunn. Dat ass net fair. Déi Jonk hunn e Recht op gutt, secher an uerdentlech bezuelten Aarbechtsplazen.

Kolleginnen a Kollegen,

Op all deenen Terrainën huet den OGBL an deene leschte Jore geschafft.
Mir hunn eis gewiert mat gewerkschaftlechen Aktiounen. Mir haten méi Demonstratiounen wéi je.
Mir hu Propositioune gemaach, Alternative virgeluet.
Mir hunn argumentéiert a verhandelt.
Mir wäerten dat och weider maachen, konsequent an ouni parteilech Rücksichten.
Mir kämpfen dobäi net nëmme fir d'Interessi vun eise Mitglieder, mä fir d'Allgemengwuel, fir de Bien public.
Mir kämpfe fir sozial Gerechtegkeet, fir d'Ofsecherung vun eise soziale Rechter an Errungeschaften, fir de Respekt virun eiser Aarbecht, fir uerdentlech Aarbechtsbedingungen a fair Paiën, fir d'Erhale

vun der Kafkraaft vun eise Léin a Pensiounen, fir eng solidaresch a qualitativ héichwäerteg Sécurité sociale, fir gutt ëffentlech Déngschter, fir eng gerecht Steierpolitik.
Mir soen neen zu Sozialofbau beim Kannergeld, bei de Leeschtunge vun der Assurance maladie an der Assurance dépendance, bei der Pensiounsversecherung.
Mir verdeedegen den Index an den Ajustement.
Mir verlaangen eng offensiv Beschäftegungspolitik, déi eist Recht op Aarbecht schützt, déi der Jugend eng seriés berufflech Perspektiv gëtt.
Mir verdeedegen eis Rechter an der Aarbechtswelt a fuerderen Demokratie, och an der Aarbechtswelt. Mir wieren eis géint all Diskriminatiounen an der Aarbechtswelt an an der Sozialpolitik. Eng Politik, déi duerch diskriminatoresch Moossnamen e Keil zwësche Résidentën a Frontaliereë setzt, wäerte mer weider bekämpfen.
Och tëschent Auslänner a Lëtzebuerger hei am Land wëlle mer eng Politk déi op Integratioun op Gläichbehandlung setzt.
Dat sinn eis Zilsetzunge gewiescht, dat bleiwen s'och bei de Sozialwalen an duerno.
Déi 114 Kandidatinnen a Kandidate fir déi national Sozialwalen, déi dausende Kandidatinnen a Kandidate fir déi betriblech Sozialwalen sinn e Spigelbild vun der schaffender Bevölkerung hei am Land.
Si setze sech fir eis Ziler an, si sinn engagéiert, si maachen Zukunft.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Wann der iech als Militanten, als Kandidaten offensiv fir des Ziler asetzt, wann der dofir suergt, datt d'Salariéën an d'Rentner wielen, datt se den OGBL an nëmmen den OGBL wielen, wann dir déi nächst 4 Woche fir des Iwwerzeegungsaarbecht notzt, da gewanne mer des Walen.
Op där Basis, gestäerkt vum Vertraue vum Salariat, kënne mer eppes erreechen, kënne mer d'Zukunft gestalten.
Duerch eis Solidaritéit maache mir Zukunft.

**Merci a vive den OGBL!**